

exécutif.» Dat ass och eis Mee-nung.

Hei huet ee sech d'Saach ze vill einfach gemaach, amplaz vläicht nach no anere Moyenen ze sichen, fir dee Problem besser an de Grëff ze kréien. Dat ass och den Haaptgrond, Här President, firwat mir eis beim Vote zu dësem Gesetzesprojet wäerten enthalen.

Deen drëtten Punkt ass d'Relatioun tëschent dem Professionellen an den öffentlichen Instanzen, deenen am Eeschtfall dës Informatiounen jo musse weidergi ginn, an de Wee, iwwert deen dat geschitt. Hei hu mer och ganz laang driwwer diskutéiert, ob een de Choix fir d'Affekote sollt oploossen tëschent dem Parquet an dem Bâtonnier. D'Majoritéit vun der Kommissioun, déi jo ganz vill Affekoten ënner sech zielt, huet gemengt, dass de Bâtonnier déi Roll sollt iwwerhuelen. De facto schafe mer eigentlech domadder eng Zwëscheschaftef. Ech hu vun Ufank u gemengt, et wier méi sennvoll do de Choix opzeloossen. D'Positioun, déi de Barreau insgesamt vis-à-vis vun dësem Gesetzestext geholl huet, bestärkt mech eigentlech an där Positioun.

Ech wëllt och en Zitat vun der franséischer Conférence des Bâtonniers bréngen, déi wahrscheinlech do ganz no beim Lëtzeburger läit: «Nous regrettons de tout cœur que des gouvernements aient jugé bon, ces dernières années, d'étendre leur autorité dans ces domaines et nous poursuivons notre lutte contre les extensions dans ces domaines ou d'autres à l'avenir.» Dat heescht, de Barreau ass eigentlech schonn d'office op enger Positioun fir do Opposition ze maachen.

Véierte Punkt, d'Roll vun der Cellule de renseignement financier, déi zu Lëtzebuerg vum Parquet iwwerholl gëtt. Et gëtt aner Länner - zum Beispill Frankräich oder och d'Belsch -, déi do e bëssen aner Weeër gaange sinn. Frankräich huet e sou genannte Service TRACFIN, dee vum Ministère de l'Économie et des Finances ofhänkt an deen den Intermédiaire mécht tëschent dem Professionellen an dem Parquet. Eréischt wann dës Service fénnit, dass d'Informatiounen eng Poursuite rechtfertigen, gëtt e se weider un de Parquet. Elo kéint een hei soen, dat ass och e Filter. Vläicht wier et awer een, vun deem een e bësse méi Onofhängegkeet sech awer kéint virstelle wéi beim Bâtonnier.

Eis Chambre de Commerce geet iwwregens an hirem Avis och op dee System an a seet, et wier vill besser, et géif een an esou eng Richtung goen, wéi eleng dem Parquet d'Aufgab ze iwwerloossen, fir an dësem Beräich aktiv ze ginn. Och den Ordre des Avocats verlaangt eng Cellule autonome. Do kritt een dann och e bëssen d'Gefill, dass d'Leit zwar vun deemselwechte schwätzen, mä awer vläicht net onbedéngt datselwecht mengen, wann et drëms geet, wien dann d'Kontroll oder d'Handhab iwwert déi Cellule oder iwwert dee Service schlussendlech hätt.

Mir hu bei deene leschte Gesetzer op alle Fall, wa mer dat kucken, iwwert d'Commissions rogatoires oder iwwert den Terrorismus, ëmmer dem Parquet seng Roll gestärkt. Et kéint ee sech d'Fro stellen, ob dann elo an dësem Fall en anere Wee gerechtfertigt wier. Mä op alle Fall war de politesche Wëlle jo eigentlech och net do, fir hei an eng aner Richtung ze goen, an och de Statsrot wollt hei keng nei Weeër goen.

Et wäert sech also einfach an der Praxis weise mussen, ob dee System, dee mir elo hei eigentlech ausbauen - well mer e jo schonn hunn -, effikass genuch ass oder net.

Här President, an der Direktiv steet iwwregens, dass d'EU-Kommissioun den 1. Januar 2004 an duer-

no all dräi Joer géif e Rapport iwwert d'Applikatioun vun där Direktiv virleeën. Et kann ee sech froen, ob dat scho geschitt ass. Den 1. Januar ass jo schonn erlaanscht. Leider hu mir esou en Dokument an der Commission juridique net ze gesi krut.

Et wier eigentlech interessant ze gesinn, wéi Lëtzebuerg sech mëttlerweil positionéiert mat iwwregens bal engem hallwe Joer Verspéidung par rapport zum Emsetzungsdelai vun der Direktiv. Déi nächst Rapporten, déi da wäerte kommen, déi musse jo dann och weisen, wéi d'Emsetzung vun där Direktiv dann in concreto geschitt ass.

An engem Rapport vum Europa-parlament gëtt och drop higewisen, dass een zwar géif iwwer Donnéeën verfügen iwwert d'Zuel vun de Notificatiounen, déi par rapport zu suspekten Transaktiounen gemaach goufen, mä awer net doriwwer, wéi vill Condamnatiounen datt se bewierkt hunn: «Les chiffres disponibles révèlent que tant le nombre des condamnations que le montant des sommes confisquées sont très faibles.» Et ass nämlech grad, well et esou schwéier ass e Lien tëschent der Infraction principale an dem Akt vum Blanchiment ze beweisen, dass dem Blanchiment esou schwéier bäizekommen ass. Mat dësem Gesetz weess ech net, ob et méiglech ass dat besser ze maachen.

Erstaunlech fannen ech bei där Entwécklung awer, dass d'Regierung et zougelooen huet, dass hire méi couragéierten Ursprungstext esou verwässert ginn ass, wéi dat hei de Fall war. Et huet een natierlech d'Gefill, datt hei e Match stattfonnt huet tëschent dem Parquet, deem seng Handschrëft de Projet de loi eigentlech dréit, an dem Barreau, dee schlussendlech dee Match gewonnen huet.

Et kéint ee sech awer och d'Fro stellen - an domat kéim ech zum Schluss, Här President -, ob dat hei net eng Aart vun Aarbechtsdeedlung war, wou déi eng eppes fir den Image vu Lëtzebuerg um europäeschen Niveau gemaach hunn, andeems si e relativ progressive Projet virgueluecht hunn, an déi aner eppes fir d'Wohlwolle vum Secteur financier, andeems si dann all déi Saachen erëm eng kéier erausgeholl oder verwässert hunn.

Ech soen lech merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

■ **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, d'Zil vun der Regierung am Kontext vun der Finanzplaz war et an ass et, eng zolidd, diversifiéiert, gutt iwwerwaachten a propper Finanzplaz ze schafen. Mir hunn dat erreicht, andeem mer eng ganz Rei Gesetzer an dëser Legislaturperiod abruucht hunn, déi och d'Zoustëmmung vun dësem Haus kritt hunn, fir déi Finanzplaz op méi zolidd Been ze stellen. Ech denken un d'Gesetzer iwwert d'Fongen, d'Titrisatioun, den Trust.

Ech denken awer och déi substanzuell Steierreduktiounen, déi och mat sech gezunn hunn, datt Lëtzebuerg méi attraktiv fir d'Lokalisatioun vu Finanzaktivitéiten, vu Finanzinstituter an deene leschte Jore ginn ass. Mir wollten eng gutt iwwerwaachte Finanzplaz, well dat noutwendeg ass fir de Seriö vun der Finanzplaz. Dofir hu mer och an deene leschte Joren d'Iwwerwachungsorgan, d'Commission de Surveillance du Secteur financier, personalméisseg ausgebaut.

Mir wëllen a mir mussen eng propper Finanzplaz hunn. De Gesetzgeber, d'Politik huet do eng wichteg Roll, well se de Kader setzt fir och dës Kampf géint d'Kriminalitéit ze féieren. E Gesetz iwwert de Blanchiment, iwwert d'Geldwäsch

ass e Gesetz, wat ee muss areien an de Kampf géint d'Kriminalitéit. D'Kriminalitéit dierf net, oder déi kriminell Acteuren dierfen net d'Finanzkanäl méissbrauchen, fir hir Aktivitéiten ze maachen, weder do, wou d'Suen um Ufank vun enger krimineller Dot stinn, wéi do, wou d'Suen als Zil vun enger krimineller Dot stinn. A béide Fäll muss de Gesetzgeber intervenéieren.

Et ass dofir, wou mer an dëser Legislaturperiod am Fong dräi Gesetzer, déi ee muss zesumme gesinn, abruucht hunn, fir sécherzestellen, datt dee Kampf géint déi Kriminalitéit seriö geféiert gëtt. Dat ass d'Gesetz iwwert d'Korruptioun, dat ass d'Gesetz iwwert de Finanzement vum Terrorismus, wat e wesentlechen a wéineg kommentéierten Deel vum Gesetz iwwert den Terrorismus war, an dat ass selbstverständlech och d'Réglementatioun iwwert de Blanchiment.

Natierlech huet dat eng extern Wierkung, andeem mer als grouss international Finanzplaz eng extra Responsabilitéit hunn, fir sécherzestellen, datt dës Finanzplaz no deenen nämlechte Kritären d'Finanzkriminalitéit bekämpft wéi aner grouss Finanzplazen.

Mä et huet och, soen ech, an dat gëtt vläicht an dësem Débat oft ënnerschätzt, eng Wierkung no bannen. An dat eent hänkt mat deem aneren zesummen, well et ass ganz kloer, datt wann déi Finanzplaz net op eng propper Aart a Weis duerch en adequate juristesche Kader ëmrummt gëtt, datt mer da risquéieren op international schwaaarz oder gro Lëschten ze kommen, wat natierlech déi seriö Clientë vun der Finanzplaz ewech hält, well déi wëllen net op eng Finanzplaz goen, op där de Ruff besteet, datt illegal Aktivitéiten do llicht eng Plaz géinge fannen.

Ech mengen net, a contrairement zu deem wat d'Spreecherin vun der grénger Fraktioun hei gesot huet, datt d'Bankgeheimnis an dësem Kontext e Problem ass, well ech muss lech hei nach eng kéier rappeléieren, datt d'Bankgeheimnis selbstverständlech virun engem Strofrichter opgehuewe gëtt, an et ass och ganz kloer, an dat hunn d'Événementer vum 11. September bewisen, datt an deene Länner, wou Finanzquelle vun den Terroristen fonnt gi sinn, datt dat Länner waren, déi iwwerhaapt kee Bankgeheimnis haten, an datt dofir also dee Lien net mat dem Bankgeheimnis zesummen ze gesinn ass, well wéi gesot dee beim Strofrichter opgehuewe gëtt, mä datt et hei einfach drëm geet, Regeln ze hunn déi sécher stellen, datt wann esou Finanztransaktiounen kommen, an där ginn et der leider vill, datt déi um richtege Moment interceptéiert ginn an datt et esou schwierig wéi méiglech gemaach gëtt fir déi Kriminell, fir d'Finanzkanäl ze gebrauchen. Dofir hu mer, well mer och dovunner iwwerzeegt sinn, datt hei muss d'international Communautéit zesumme spillen, an dëser Legislaturperiod e Gesetz gemaach iwwert d'Rechtshëllef, d'Entraide judiciaire internationale, a mir hunn och an deem Kontext, an dat soll een och net ënnerschätzen, den europäeschen Haftbefehl um europäesche Plang an duerno och am Lëtzeburger Parlament ugeholl.

D'Chamber huet sech laang an intensiv mat dësem Projet de loi vun der Regierung auserneegeesat, an ech begreissen déi konstruktiv Approche, déi d'Commission juridique dozou hat, och wann ech hei nach eng kéier wëll soen, och datt dat an den Akte vun der Chamber festgestallt ka ginn, datt d'Chamber sech ausschliesslech, an Are Rapporteur huet dat virdru gesot, op d'Direktiv baséiert huet. An den Ae vun der Regierung kann een net Abstraktioun maache vun aneren

Texter vun der Europäescher Unioun, wéi eng rezent Décision cadre iwwert de Blanchiment, déi d'europäesch Justizministeren ugeholl hunn, an och net Abstraktioun maache vun de Recommandatiounen vum Groupe d'action financière internationale.

Et wäert also esou sinn, datt och déi nächst Regierung an och déi nächst Chamber sech och mat deene Recommandatiounen, no der Adoptioun vun dësem Gesetz, am Detail nach eng kéier wäerten ausernee musse setzen.

Hei ass e Mëttelwee gesicht ginn, e Mëttelwee, deen d'Regierung ka begleeten, mä et ass selbstverständlech an dëser Matière, deemno a wéi e Bléckwénkel ee sech stellt, an dat koom och de Mëtteg hei an den Débaten zum Virschäin, grad wéi an deenen eenzelnen Avisen, déi zu dësem Projet de loi erakomm sinn, datt de Pegel emol déi eng oder déi aner Säit e bësse méi ausschweift. Wesentlech awer ass et, datt mer eng strikt Gesetzgebung an dëser Matière hunn. Ech mengen datt dat, wat hei zur Ofstëmmung kënnt, deem lagement gerecht gëtt, an d'Regierung weess och vun de Suergen, déi a ville Secteuren op der Finanzplaz, mä och a berodende Milieue wéi Affekoten a Réviseurs iwwert d'Applikatioun vun deem Gesetz gemaach ginn.

Ech mengen et wär net gutt, wann ee vun haut op muer géing einfach all dat, wat sech zënter den 90er Joren opgebaut hat am Kampf géint d'Finanzkriminalitéit, vun haut op muer géif iwwer Bord geheien. Mä grad esou falsch wär et, wann een iwwerhaapt net géing doriwwer diskutéieren. An dofir mengen ech ass et d'Flicht vun deenen, déi an der nächster Regierung an an der nächster Chamber setzen, sech mat allen Acteuren un en Dësch ze setzen, fir déi praktesch Applikatioun vun deem Gesetz ze kucken, och deene Gesetzer vun 1998, an esouwuel déi opgeworfen institutionell Froen, fir d'Applikatioun am Fong vun deenen Texter nach eng kéier an engem rouege Kader ganz duerchediskutéieren an da le cas échéant Adaptatiounen ze maachen.

Ech mengen dee Wëlle besteet. Dat hunn ech och an de Gesprécher an dësem Parlament héieren, an och de Mëtteg esouwuel an der Kommissioun wéi de Mëtteg hei, an dofir ass et, mengen ech, wichteg, datt deen nächste fir d'Finanzplaz zoustänneg Minister déi Gesprécher féiert an och emol nach eng kéier all d'Argumenter kuckt, déi 1999 oder 1998 dozou geféiert hunn, wat fir eng Instanz zu Lëtzebuerg fir d'Applikatioun zu deem Gesetz zoustänneg ass, an nach eng kéier all déi Argumenter géinteneen ofweit.

Ech stelle fest, datt Är Chamber sech hei apprétéiert, iwwer eng Opposition formelle vum Statsrot ewechzegoen. Dat ass de fraie Choix vun dem Parlament. D'Regierung kommentéiert dat net, esou méi wou déi Opposition formelle sech bezitt op en Amendement, deen d'Chamber eragin huet. Ech géing awer soen am Numm vun der Regierung, datt d'Regierung Ärem Wonsch, deen Der ausgedréckt hutt an deem leschte Rapport, deen oft zrëckgeet un de Conseil d'État, ausdréckt, datt de Conseil d'État sech nach eng kéier iwwerleet, ob opgrond vun där Opposition formelle an opgrond vun Are subsequenten Observatiounen, en trotzdeem d'Dispens vum zweete Vote wëllt refuséieren. D'Regierung dréckt de Wonsch aus, datt de Statsrot sech dat intensiv iwwerleet.

Ech mengen, et wär besser, wa mer kënnten och an deenen internationale Gremien, wou d'Regierung d'Lëtzeburger Land vertritt, mat engem Gesetz do stoen, wat schonn den definitiven Accord vum Parlament hätt, wat also schonn am Mémorial géing stoen. Wann dat am Oktober kënnt ass dat kee

Problem, mä wann et éischter kann am Mémorial stoen, ech mengen da wär dat am Intérêt vun dem Kampf géint d'Geldwäsch, an am Intérêt vun de Kommunikatiounen, déi mir an deem Kontext an d'Europäesch Unioun, respektiv vis-à-vis vun internationale Finanzorganisatiounen wéi dem FMI maachen.

Deen éischte Vote, a vläicht deen zweeten, deen d'Parlament haut mécht, ass awer e wesentleche Schrëtt fir eng besser Bekämpfung vun der Finanzkriminalitéit, an dofir soen ech all deene merci, déi heizou geschwat hunn, an deenen, déi dës Gesetz ënnerstëtzen.

Merci.

■ **M. le Président.** - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 25 si gelies an ugeholl.

Dir Damen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien de Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthal sech.

De Projet de loi 5165 ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen a 7 Abstentatiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Paul-Henri Meyers), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Théo Stendebach) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Ripinger (par M. John Schummer), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling) et Jacques-Yves Henckes.

Se sont abstenus: Mme Lydie Err;

M. Aly Jaerling;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5335 iwwert d'Ofännere vum Statshaushalt vum Joer 2004. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Ripinger a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Norbert Hauptert.

6. 5335 - Projet de loi modifiant la loi du 19

décembre 2003 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*. - Merci, Hâr President. Dee Projet 5335 ass ganz kuerz, awer dofir net onwichtig, well en erlaabt der Regierung, fir méi Leit anzustellen an dobäi nach Suen am Budget ze spueren.

Ech erkläre mech: Am Budget fir d'Joer 2004 war e Gesamtcontingent vu Leit, déi d'Regierung kéint à durée déterminée astelle fir d'Besoiné vun eiser Présidence vum nächste Joer. An deem Gesamtcontingent waren och 29 Employéë virgesinn, déi net EU-Bierger sinn an déi d'Regierung da sur place kéint rekrutéieren; et waren zéng Employéén an der Carrière supérieure an 19 an der Carrière moyenne. Et huet sech awer erausgestallt, dass dee Contingent vun 10 an 19 net géing duergoen, an dofir gesäit dee Projet hei vir, fir déi Zuel awer, am Gesamtcontingent gesinn, vun 10 op 20 a vun 19 op 40 ze héijen. Wa mir dat net géinge maachen, dann hätt d'Regierung am Fong geholl missen higoen a Leit hei zu Lëtzebuerg rekrutéieren an dann an d'Ausland détachéieren; dat wär méi deier gi wéi wa mir elo déi Modifikatioun am Budgetsgesetz virgesinn.

De Conseil d'État huet säin Avis zu dësem Projet ofginn. D'Finanz- an d'Budgetscommissioun - an dofir wëll ech all menge Kolleegen aus der Kommissioun merci soen - ware bereet, fir dee Projet hei ganz kuerzfristeg iwwert den Instanzenwee ze bréngen, well en esou wichtig ass fir d'Regierung a well en der Regierung och nach erlaabt, Suen ze spueren. An ech géing Iech bieten, de Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner ass den Hâr Krecké agedroen.

(Interruption)

M. le Président. - Den Hâr Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP). - Ech gesinn den Hâr Krecké net. Da géing ech awer probéieren dat esou gutt ze maachen, wéi hien et gemaach hätt.

Ech géif den Accord vu menger Fraktioun hei abréngen, dee mir besonnesch gare ginn, well dat doten eigentlech e Projet ass, dee besonnesch der nächster Regierung wäert hëllefen; dofir ass et e „Jo“ vun eiser Fraktioun.

(Interruptions et hilarité)

M. le Président. - Den Hâr Rippinger.

(Assentiment)

Den Hâr Gibéryen.

(Assentiment)

Ech mengen, da kënne mer dem Minister direkt d'Wuert ginn.

(Assentiment)

Ech gesinn, et ass alles an der Rei, d'Saach ass kloer an da komme mer direkt zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5335.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5335 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen an 1 Abstentoun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger (par Mme Simone Beissel), Marco Schroell (par Mme Agny Durdu) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5215 iwwert d'Kulturinstituter. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Arendt, déi Häre Fayot, Krieps, Greisen an d'Madame Reuter. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

7. 5215 - Projet de loi portant réorganisation des instituts culturels de l'État

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein (CSV), *rapporteuse*. - Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mir dee leschte kulturpolitesche Projet vun dëser Legislaturperiode. An éier ech op d'Haaptaspekter vun dësem Gesetzestext aginn, wëllt ech vun der Geleeenheet profitéiere fir de Memberen aus der Kommissioun e grouse Merci auszeschwätzen, an zwar souwuel der Oppositioun wéi der Majoritéit. Éischters fir déi gutt Ambiance, ech géing souguer soe fir déi Frëndschaft, déi mir an där Kommissioun do haten, an zweetens fir hiert konstruktiv Matschaffen.

Et ware fënneg gutt a produktiv Joren, wou mir geschaff hunn a wou mir eng Partie ganz wichteg Projekte konnten evakuéieren; an net ëmmer déi einfachst. Ech denken do och un d'Uni Lëtzebuerg, wou mir eis laang domat beschäftigt hunn, mir hunn eis och ganz laang mat Sites et Monuments beschäftigt, leider krute mir do den Avis net méi zur Zäit, mä dofir krute mir awer dee vum Projet vun haut.

Ech géif also soen, mir hätten an deene meeschten Dossieren e Konsens fonnt. An do wëll ech awer dobäi fügen: Dank dem gudde Wëllen, der Kulanz an der Flexibilität vun eiser Madame Minister, der Madame Hennicot, konnte mir all déi Projeten do bal unaniment hei an der Chamber duerchbréngen. Och alle Mataarbechter aus dem Ministère - ech wëll se net all erwähnen, et ware schonn Habituéen an eiser Kommissioun - an och alle Mataarbechter aus der Chamber an de Responsabele vun der Lëtzebuergescher Kulturzeen, wëll ech hei e grouse Merci soen.

An elo zum Projet de loi. Mat deem virleienden Text setze mir de Koalitionsaccord ëm, deen a sengen Dispositiounen zur Kultur eng Reform vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert déi staatlech Kulturinstituter virgesinn hat. Ech wëllt des Dispositiounen nach eng Keier ganz kuerz an Erënnung ruffen: «Pour garantir un meilleur accès à tous à la Culture, le Gouvernement actualisera la loi du 28 décembre 1988 concernant les instituts culturels de l'État. Les six sections de l'Institut grand-ducal, précédeseurs des instituts culturels y trouveront leur place. Les activités du Centre national de littérature et celles du Casino Luxembourg - Forum d'art contemporain sont confirmées. Le Gouvernement favorisera la collaboration avec d'autres instituts culturels nationaux et internationaux et aidera à décentraliser leurs activités en vue d'une meilleure sensibilisation du public à l'art et à la culture scientifique.»

Dir Dammen an Dir Hären, bal 16 Joer sinn elo an d'Land gaangen zënter deem Gesetz. Eis Kulturzeen huet sech virun allem ënnert dem Impuls vum 1995er Kulturjoer prächtig entwéckelt. Eis Muséeën a kulturell Siten hunn all Informations- a Kommunikationstechnologien an hir Offer mat agebaut. Et huet sech also villes beweegt, a fir dass eis kulturell Offer och weiderhi gedeie kann, sinn net nëmmen um infrastrukturelle Plang, mä och um personelle Plang Adaptatiounen gemaach ginn, wéi vill a wat fir Leit noutwendeg sinn, fir den héijen Niveau weiderhin ze halen.

Hâr President, de virleiende Projet 5215 ass den 30. September 2003 vun der Kulturministerin, der Madame Erna Hennicot-Schoepges, an der Chamber déposéiert ginn. Mir haten eng Partie Kommissiounssätzungen, an zwar de 5. Februar, de 4., den 9., den 11. an de 17. Mäerz, wou mir den Text analyséiert hunn. An eise Reuniounen goufen och Verrieder aus den eenzelne Kulturinstituter empfaangen, wat d'Analys vum Text wesentlich vereinfacht huet. De 7. Abrëll huet d'Regierung eng Partie Amendementer ugeholl an un de Statsrot weidergeleet, dee säin Avis de 4. Mee ofginn huet, an d'Kommissioun huet en de 6. Mee analyséiert. Et ass zum Schluss e bësse méi séier gaangen, mä Dir gesitt, mir haten eis awer am Virfeld ganz vill Zäit geholl. Et bleift och nach ze soen, dass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den 8. Mäerz 2004 en détailléierten Avis zu dësem Text ofginn hat. An der Sëtzung vum 12. Mee gouf ech als Rapporteur designéiert an de schrëftleche Rapport gouf och do adoptéiert.

Ech wëll elo kuerz op déi eenzel Reforme vum 1998er Gesetz agoen, déi sech an der Haaptsaach op dräi Volete bezéien. An dësem Text geet et zum engen drëm:

a) fir verschidden Ëmorganisatiounen an den eenzelnen Instituter a Muséeën gesetzlech festzehalen an eng Partie nei Missiounen opzehuelen;

b) de Centre national de l'audiovisuel an de Centre national de la lit-

térature an des Gesetzgebung ze integréieren; souwéi

c) de personale Kader am Gesetz deelweis nei ze definéieren.

Elo zu deene siwe Kulturinstituter, déi mir hunn. Éischters...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Une voix. - Dat ass d'CSV, Madame Stein.

M. le Président. - Ech mengen, Dir iert Iech, Hâr Jaerling.

Mme Nelly Stein (CSV), *rapporteuse*. - Ech wosst awer nach net, dass den Hâr Gira an den Hâr Jaerling bei eis an der Partei waren.

(Hilarité)

Dat wär awer nei. Dat wär jo bal e Wonner.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Aly Jaerling (ADR). - Madame Stein, ech sinn ausnahmsweis eng Keier ganz onschëlleg. Ech hunn hei kee Wuert gesot.

M. le Président. - Jo, jo, da loosst d'Madame Stein elo schwätzen. Déi aner sollen nolauschteren.

Mme Nelly Stein (CSV), *rapporteuse*. - Zu deene siwe Kulturinstituter komme mir nees zrëck.

1. D'Nationalarchiven, do goufen d'Section administrative an d'Section économique gespléckt, fir dann an engens eng Section informatique do anzeféieren.

2. D'Nationalbibliothék ass zu enger bedeitender Bibliothék erugewuess, déi souwuel um nationale wéi och um internationale Plang a Réseauen agebonnen ass. D'Bibliothék huet haut e Fong vu bal enger Millioun Exemplairen, an dagdeeglech passéieren hei 300 Leit, wat virun allem no sech zitt, dass dat Gebai jo am alen Athenäum vill ze vill kleng ass, mä nei Capacitéite stinn um Kierchbierg am Bâtiment Schuman zur Verfügung, wat mat sech bréngt, dass d'Bibliothék iwwer ausräichend raimlech Capacitéite verfüge kann, mä net nëmmen dat, mä och op déi neisten Technologie bei der Kollekt an an der Verwaltung vu Bicher zrëckgräife kann.

De virleiende Gesetzestext reforméiert virun allem d'Missioun vum der Nationalbibliothék, andeems déi wëssenschaftlech Roll vun der Bibliothék ënnerstrach gëtt. An dat ass just am Kontext vun der Uni Lëtzebuerg vu ganz grousser Bedeutung. Doniewent gëtt e weidere Accent op d'Roll als Coordinateur vun alle Lëtzebuurger Bibliothéike geluecht.

3. Den nationale Geschichts- a Konschtmusée kritt seng Missioun vun der Protektioun vum nationale Patrimoine archéologique preziséiert. Domadder ass dëse Musée chargéiert, fir am ganze Land eis archeologesch Schätzer en valeur ze setzen, wat ënner anerem no sech zitt, dass de Musée an zwee Departementer agedeelt gëtt, engersäits den Département Archéologie an anersäits den Département Collection d'histoire et d'art.

4. Am Naturhistoire - Dir gesitt, ech maachen e ganz grouse Résumé vun all deenen Instituter -: Den naturhistoresche Musée, bei dee kënnt elo d'Missioun vu wëssenschaftlechen Ausgruewungen dobäi. D'Aufgab besteet virun allem doranner, fir eise Patrimoine ze schützen an ze fannen, ier en duerch Verwahrlosung a Gefor geréit. Dobäi kënnt der Sensibilisatioun an der Pegadogik vum Public e gréissere Stellenwäert am Text zou. Des Sensibiliséierungsarbecht ass an de leschte Jore vun Erfolleg gekréint ginn. Et gëllt elo des positiv Experienz weider auszubauen.

5. De Service des Sites et Monuments nationaux, respektiv seng

Prozedure ginn am Gesetzesprojet 4715 reforméiert. De virleienden Text limitéiert sech drop, fir d'Kompetenze vum Sites et Monuments um Gebitt vun den Enseignes publicitaires ze definéieren, déi international Zesummenaarbecht ze regelen an de pedagogeschen Encadrement vun enger grousser Renovatioun ze assuréieren.

6. De Centre...

(Interruption)

Ech hunn eng Véirelstonn!

(Interruptions)

Hâr President, et hat ee mir d'Auer gewisen. Ech hunn nach fënneg Minutten.

(Interruptions)

6. De Centre national de l'audiovisuel, kuerz CNA, huet sech säit senger Grënnung 1989 zu engem onëmgängleche Piller an eiser Kulturszeen entwéckelt. En neien Elan kritt de CNA sécherlech duerch säin neit Gebai zu Diddeleng. Fir dass de CNA och um administrative Plang adequat encadréiert ka ginn, gëtt de CNA an d'Légslation vun den Instituts culturels integréiert.

7. - a leschtens: Datselwecht gëllt fir de Centre national de littérature, dee säit 1994 existéiert. Säit September 1995 ass de Centre zu Miersch an der Maison Servais ënnerbruecht. D'Mériter vum Centre national de littérature am Kontext vun der Lëtzebuurger Literatur brauch ee jo hei net méi ervirzehiewen, well wann een d'Entwécklung kuckt, déi de Centre opzeweisen huet, mécht et Sënn fir en an dëst Gesetz opzehuelen, fir dass en och um administrative Plang de richteg Kader kritt.

Ech hat et, Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, virdro scho gesot, dass de virleienden Text och versicht en Ausgläich ze schafen tëschent de finanzielle Ressourcen, déi d'Instituts culturels ouni Zweifel brauchen, an dem personelle Kader vun den Instituter, ouni deen d'Qualitéit vun eiser kultureller Offer mëttel- a laangfristeg net kann oprechterhale ginn.

Ier ech elo op d'Aarbecht an der zoustänneger Kulturkommissioun zrëckkommen, wëllt ech nach kuerz op den Avis vum Statsrot agoen, dee sech generell positiv zu dësem Text ausgeschwat huet. En huet sech allerdéngs iwwert d'Envergure vun der Personalproblematik, wéi se am Text behandelt gëtt, ganz erstaunt gewisen. En huet dofir virgeschloen, ee fir allemol eng eenheetlech Léisung ze fannen, déi sech u staatlech Struktur riicht, fir ze verhënneren, dass net all Kéiers d'Dispositiounen iwwert d'Personal den eigentlechen Objet vum Text erdrécken. De Statsrot huet des Weidere bemängelt, dass de Prinzip vun der Gestion séparée net zrëckbehalen ginn ass - wat de Kolleg Ben Fayot och ëmmer an der Kommissioun be-
tount huet.

Ech wëllt awer hei soen, dass d'Méiglechkeet ëmmer nach besteet fir d'Regierung - also déi nächst Regierung -, iwwert d'Budgetsgesetz d'Gestion séparée anzeféieren.

Den Hâr Fayot wénkt „Jo“, dann ass en zefridden. Da sinn ech och zefridden.

(Hilarité)

Déi gréissten Zrëckhalung huet de Statsrot gewisen am Bezug zum Regierungsamendement zum Artikel 36.8) b), wou et ëm näischt aneschtens géif goen, wéi all déi Employéén iwwer transitoires Mesuren an der Gesetzvirlag ze fonctionnariséieren, déi bis haut nach keng Fonctionnaire sinn.

De Statsrot huet doriwwer eraus festgestallt, dass déi concernéiert Kulturinstituter weider Personal rekrutéieren, an dat iwwert de gesetzleche Kader eraus. D'Statsverwaltungen hätten awer eng Rei Regeln a Prozeduren zur Verfügung - ech zitéiere just, wat de Statsrot